



La question parlementaire a été retirée 7.12.2023

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 7. August

2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir d'Fonction publique, den Här Minister fir Digitaliséierung an un d'Madamm Inneministesesch weiderzeleeden.

Laut RTL-Informatiounen vum 3. August 2023 soll am Dezember 2023 deen éischte Co-Working Space fir Staatsbeamten zu Schieren opgoen. Demande heivir geet aus interne Sondagen aus dem Ministère fir d'Fonction publique an aus dem Ministère fir Digitaliséierung ervir, wou 70% vun de befroete Leit d'Optioun "*Co-Working-Space*" interessant fonnt hunn. Am Artikel heescht et och, dass Schieren als Pilotprojet fir weider "*Spaces*", déi iwwert déi nächst Jore fir aner Ministèrenen optauche kéinten, gëllt. Ronn 170 Mataarbechter kënnen Gebrauch vum "*Space*" zu Schieren maachen, deen op 200 Metercarré 22 Beamten hebergéiere kann.

An dësem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir d'Fonction publique, den Här Minister fir Digitaliséierung an un d'Madamm Inneministesesch stellen:

- Aus wéi enge Grënn sinn de Ministère fir d'Fonction publique an de Ministère fir Digitaliséierung fir dës Projet ausgewielt ginn?
- Mat wéi ville Gemengen, ausser der Gemeng Schieren, ass nach iwwert dës Projet geschwat ginn?
 - No wéi enge Krittären ass d'Gemeng ausgewielt ginn?
- Ass och eng Ausschreiwung bei privaten Acteuren gemaach ginn?
- Wat ass de Präis vum Metercarré par Rapport zu de Loyeren vun anere Bürosgebaier an der nämmlecher Géigend?
- No wéi enge Krittären sollen sech déi 170 concernéiert Leit opdeelen, wann et am Gebai just 22 Plaze ginn?

Här President, ech bieden Iech dës Fro, mat mengem déifste Respekt unzehuelen.

Elisabeth Margue
Deputéiert